

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 21 Mäi 2024

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Patrick EVERARD	Thierry EVERAD (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Rapport)	Patrick KRAEMER (entschëllegt)	
Louis MALHERBE	Paul MANGEN	
Louis MEYER	Emile SPLICKS	
Joske VOSMANN		
Carole WINTERSDORF		
Pascal WIRTZ		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schafferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 18 Mäerz 2024
3. Klimapakt Audit
4. Bilan Green-Event – Ëmwelt-Charta fir Veräiner
5. Subsiden
6. Verschiddenes

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzëlëscht

7 vun 11 Memberen waren präsent. 2 haten sech entschëllegt.

Et gouf drun erënnert dat d' Memberen mat zäitlechen Constraints eventuell hiert Mandat fir eng aner interesséiert Persoun zur Verfügung stellen.

Punkt 2 : Rapport vum 18 Mäerz 2024

De Rapport gouf ouni weideren Kommentar eestëmmeg acceptéiert.

Punkt 3 : Audit Klimapakt, éischten Iwwerbléck

Wéi an eisem viregten Rapport gefrot, huet Madame Asselborn vum Gemenge Sekretariat de Kommissioun's Memberen den 21 Mäi, den Datum vun dëser Sëtzung, den Audit Rapport mat de Resultater iwwer Email geschéckt. D' Audit Sëtzung mat der Auditrice vun PWC, dem Klima Conseiller an Vertrieeder vun der Gemeng war den 27 Februar. Gemeng huet 52.9% Punkten erreicht, no 44,7% am Joer 2021, a fält domadder an Klimapakt Kategorie 2 (50%) vu 4 méiglechen Kategorien.

Déi präsent Memberen hunn awer d' Geleeënheet genotzt, och wann Zäit kuerz war, fir e Bléck an den 140 Säiten längen Rapport ze werfen. Hei déi verschidden Umierkungen:

- De Joske betount dat nach weider **un de Konzepter muss geschafft ginn**, wéi z.B. Renovéierung' s Konzept. Dat gouf schon am viregten Audit vermierkt.
- De Louis Malherbe huet ergänzt dat de Klimaberoder vun Dikrech an Aerenzdall, der Gemeng Aerenzdall dobäi gehollef huet fir verschidden Konzepter ze kreéieren well d' Gemeng selwer net déi néideg Moyene hat.
- De Patrick war der Meenung dat dëst a Gemengen Hand bléiwen soll ouni zousätzlech Fraisen un extern Gesellschaften. Ausserdeem kéinten d' Gemengen beim Erstellen vu Konzepter méi zesummeschaffen an sech géigesäiteg inspiréieren. Dës Synergie Effekter géifen warscheinlech vill Opwand vermeiden.
- Et gouf och eng méiglech Astellung vum engem Klima Techniker mentionéiert. Do war awer d' unanime Meenung dat Gemeng Helperknapp dofir net grouss genuch ass, an dat et am aktuellen Organigramm scho gutt Kompetenzen gétt.

- Gemengeverantwortlech kënnen d' Kommissioun gären consultéieren, wann Si eis Mataarbecht bei der Analyse vum Audit brauchen.

Ueschléissend si mir zesummen déi gréng markéiert Beräicher vun den 64 Moosnamen am Management Tableau kuerz duerchgang. De Schwéierpunkt leit ewéi schonn diskutéiert bei der Entwécklung vun Konzepter ënner anerem bei den Themen:

- Klima Upassung
- Nohalteg Digitaliséierung
- Mobilitéit a Verkéiersplanung
- Renovéierung vu Gebaier

Punkt 4 : Green Event an Ëmwelt Charta fir d' Veräiner

D' Kommissioun huet a Moment kéng weider Réckmeldungen zu den Green Eventer an der Participatioun vun de Veräiner un der Ëmwelt-Charta. Fir déi nächst Sëtzung ze preparéieren, froe mir bei der Gemeng no!

Verschiede Clibb sinn awer interesséiert um Green Event. D' Marche Gourmande am Juni vun den Téintener Theaterfrënn leeft ënnert dem Logo Green Event.

Den Louis Meyer huet iwwert seng Erfarungen bei Green Eventer an der Stad Lëtzebuerg geschwat, notamment wéi eng Dreckskechten noutwenneg sinn an wéi se benotzt ginn vun den Participanten während esou Eventer.

Punkt 5 : Ëmwelt-Subsiden

D' Kommissioun huet weider keng nei Subsiden Proposen vun der Gemeng virleien. Den Tableau am Internetsite aus nach net erneiert. De Joske, de fréieren Ëmwelt Schaffen, konnt awer e puer Detailler ginn iwwer Proposen am Gemengerot am Beräich vun den erneierbaren Energien, déi awer nach musse gestëmmt ginn:

- D' Photovoltaik Panneauen sollen gestaffelt no der installéierter Peak-Leeschtung gefërdert ginn, tëschent 600€ bis 5 kWp an 1400€ ab 16kWp plus 40€/kWp zousätzlech

- Eng Späicher-Batterië gouf mat 500€ proposéiert, de Joske huet awer gefrot fir dëse Montant op 1000€ z' erhéijen
- D' Auswiesselen vun enger traditioneller Heizung duerch eng Wärmepompe soll vun 500€ op 1000€ gehuewe ginn.

Weider huet de Joske matgedeelt dat Héicht vun den ausbezuelten Ëmwelt-Subsiden 2018 bei ~5€/Awunner louch. Am Joer 2021 louch dës Wäert nëmmen nach bei ~1,2€/Awunner.

Doriwwer gouf diskutéiert, notamment ewéi d' Leit sech verhalen beim Uschaffen vun engem neien elektreschen Apparat, wéi e Frigo, eng Wäschmaschinn asw. An der aktueller Subsiden Tabelle gëtt et dofir 75€ pro Maschinn wa se an der virgeschriwwener Energie Klass läit. Verschidden Erklärungen goufen gesicht:

- Vläch zécken d' Leit wéinst dem administrativen Opwand fir eng deemspriechend Demande bei der Gemeng ze stellen.
- Oder si sinn net genuch informéiert, haaptsächlech och déi nei Awunner déi jo hir Haiser frësch ariichten.
- Et kann awer och sinn dat vill Stéit keng nei Uschafungen méi maachen, well de Bedarf scho gréissten Deels gedeckt ass.

D' Kommissioun proposéiert dat Gemeng besser preziséiert wou een déi Demanden kritt an ofhuele kann, an alternativ se als PDF um Internetsite verfügbar mécht. Weider Informatiounsquellen wieren d' Sozial Medien wéi Facebook oder Gemengen APP.

Punkt 6: Verschiddenes

1. **Repair Café:** D' Kommissioun wier interesséiert fir esou Projet duerchzuféieren. De Pascal an de Louis Meyer hunn an dem Kontext iwwer d' Gemengen Stroossen an Rammerich geschwat, déi esou Repair Caféen e puer mol am Joer organiséieren. D' Gemeng Stroossen z.B. stellt d' Dëscher, Kaffi a Waasser.

Demande: Wier d' Gemeng d'accord ass zesummen esou e Projet unzegoen, an hätt d' Kommissioun Erlabnis fir sech konkret z' informéieren z.B. zu Stroossen oder Rammerich.

2. **Wandrieder:** D' Fro gouf gestallt wéi et mat dësen Projeten weidergeet, a well et jo och am Kader vum Klimapakt diskutéiert gouf?

Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **10 Juli 2024 um 19h00** am Gemengerotssall.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

- 1) Retouren aus der Gemeng
- 2) Analyse a Bilan Klimapakt Audit
- 3) Bilan Ëmwelt Charta a Green Event Manifestatiounen
- 4) Initiative Repair Café
- 5) Wandrieder fir d' Gemeng Helperknapp

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.